

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A senger Äntwert op déi mëndlech Fro Nr. 290 vun der honorabler Madamm Deputéiert Diane Adehm iwver Walkampfaffichë vum fransésische Presidentschaftskandidat Eric Zemmour an der Europaschoul zu Mamer (Séance publique Nr. 32 vum 8. Februar 2022) huet den Här Minister gesot: "Natierlech kann een iwver politesch Bildung nëmme gutt eppes maachen, wann een och mat Politiker vun ënnerschiddleche Parteien, an domat awer och wierklech vum ganze Parteespektrum, an och zesumme mol eppes ka maachen. Dat ass och an de Schoule Politik fir unzepaken, dat ass an de Schoulen och ganz konkret de Schüler gewisen, wat Politiker soen. Dofir wëlle mer och schonn Presenz vu Politiker an de Schoulen hunn, mee natierlech muss et politesch neutral sinn, an et muss equilibréiert sinn, net equilibréiert onbedéngt pro Veranstaltung, mee equilibréiert an der Durée, sou datt do eigentlech och all politesch Couleur méi oder manner zur Geltung kommen an domat och de politesche Spektrum de Schüler kann gewise ginn."

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister eis eng Lëscht presentéiere mat allen Table-ronden, déi tëscht 2013 an 2021 an de Lëtzebuenger Schoulen organiséiert goufen, fir de Schüler vun eisem Land ze weisen, "wat Politiker soen"?
- 2) Wéi eng Ministeren, a méi allgemeng: wéi eng Politiker a Verrieder vu Partei goufen op dës Table-ronden invitéiert, a wéi dacks? Ginn et Parteien, bzw. "sensibilités politiques", déi op kenger vun dësen Table-ronden invitéiert goufen? Wa jo, aus wéi enge Grënn goufen dës Parteien net invitéiert?
- 3) Geet den Här Minister dervun aus, datt bei dësen Table-ronden "all politesch Couleur méi oder manner zur Geltung" komm ass an domat d'Schüler sech "och wierklech vum ganze Parteespektrum" een neutraalt Bild maache konnten?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup, Deputéierten